LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2020

Un d'Familljemembere vun de Bewunner an den Alters- a Fleegeheemer

Madamm, Monsieur,

Léif Famill,

D'Infektiounszuele mam Covid-19 Virus ginn den Ament zu Lëtzebuerg, grad ewéi an eisen Nopeschlänner, an d'Luucht. De Virus ass present an eisem Ëmfeld an an eiser Gesellschaft, an och d'Wunnstrukture fir eeler Leit sinn hei keng Ausnam.

Dowéinst ass et grad elo ganz wichteg, nieft dem konsequenten Anhale vun de bekannte ‚Gestes Barrières' (d'Hänn wäschen, d'Distanz respektéieren an d'Droe vun engem Mask wann Dir op Besuch bei Är Léifst gitt) déi sozial Kontakter op déi wierklech wichteg an essentiell Situatiounen ze limitéieren, fir esou dem Virus keng Chance ze gi fir sech auszebreeden.

Denkt w.e.g och drun, wann dir ee Kontakt mat enger positiver Persoun hat, respektiv selwer Féiwer hutt, oder soss Symptomer déi op de Covid-19 kéinten hindeiten (Houscht, Schnapp, Kuerzootmegkeet,...), äre Kontakt mam Familljemember op en spéideren Zäitpunkt ze verleeën an doheem ze bleiwen.

Mam Hibléck op Allerhellegen, awer och op d'Feierdeeg um Enn vum Joer, ass et den Appell u Jiddereen sech senger Responsabilitéit nach eemol bewosst ze ginn, a sech solidaresch ze weise mat de méi vulnerabele Leit an eiser Gesellschaft. Och d'Sortien aus de Wunnstrukture sollten duerfir reduzéiert sinn op dat wat wierklech néideg ass, an da mussen déi allgemeng gëlteg Sécherheetsbestëmmunge respektéiert ginn.

Eeler a vulnerabel Leit hu leider dacks méi ee schwéiere Krankheetsverlaf, an den Risiko un de Suitte vun enger Infektioun ze verstierwen ass deemno och verhältnisméisseg méi héich, wéi beim Rescht vun der Populatioun.

Fir sech e bessert Bild vun der allgemenger Situatioun am Land ze maachen, huet all Bierger d'Méiglechkeet sech iwwer de Large Scale Testing testen ze loossen, an ass dann een Deel vun der Léisung.

Déi Leit, déi an enger Wunnstruktur fir eeler Leit liewen, wäerte vum Gesondheetsministère d'Méiglechkeet kréien, fir sech kënne bei sech doheem an der Struktur op de Covid-19 testen ze loossen, fir datt mer och hei d'Situatioun ëmmer nees am Bléck hunn.

132-0000004-20040525-FR

Eng Equipe vum Large Scale Testing wäert duerfir ab November den Tour vun de Strukture maachen, fir esou den eenzele Bewunner, direkt e puermol an a reegelméissegen Ofstänn unzebidden, een Test sur Place ze maachen. Dëst geschitt an Ofsprooch mat de jeeweilege Responsabele vun den diverse Wunnstrukturen.

Dës Tester erméiglechen d'Verdeelung vum Virus fréizäiteg ze erkennen. Am Fall vun Infektiounen an enger Wunnstruktur kann esou séier reagéiert ginn an an Zesummenaarbecht mat de Responsabele vun de Strukture kennen dann déi néideg Sécherheetsvirkéierunge getraff an ëmgesat ginn, fir e weidert Ausbreede vum Virus ze limitéieren.

Fir d'Häiser an di eenzel Gestionnaire beschtméiglechst kennen ze begleeden schaffen de Familljeministère an de Santésministère enk mam Verband vun de Gestionnairen Copas zesummen.

All Direktioun decidéiert, virum Hannergrond vun hirer aktueller Situatioun, hirer Clientèle an den architektonesche Begebenheeten, wéi dat soziaalt Liewen, den Accès an d'Haus, an d'Sortien organiséiert ginn. D'Bewunner an d'Famillje ginn heiriwwer informéiert.

Mir hunn och een Opruff un d'Direktioune gemaach, fir nieft dëse Schutzmoossnamen, dat soziaalt Liewen an den eenzelen Haiser oprecht ze halen, den digitale Kontakt mat de Bewunner, de Familljen an tëschent Bewunner a Familljen ze favoriséieren, a mat all méigleche digitale Moyenen ze erméiglechen.

Merci fir Är Mataarbecht an Äert Versteesdemech.

Mat léiwe Gréiss,

Corinne CAHEN
Ministesch fir Famill an Integratioun

Paulette LENERT
Gesondheetsministesch